N°2419
Entrée le 02.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 2419 vum 5. Juni 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt eng Fro iwwert d'Ariichte vun enger Einban um CR176 (Rue Joseph Philippart) zu Rodange.

*Fro 1: Kann d'Ministesch bestätegen, dass d'Einbahnstrooss um CR176 um Deel vun der Rue Jos Philippart refuséiert gouf? Falls jo, firwat?*

D'Verkéiersreglementatioune bannent Uertschafte falen allgemeng an d'Zoustännegkeet vun der territorial zoustänneger Gemeng a gi vun der staatlecher Verkéierskommissioun approuvéiert.

Fir konkret op d'Fro vum Här Deputéierten am Kontext vum CR176 zu Rodange anzegoen, deelt d'Stroossebauverwaltung mat, dass keng offiziell Ufro vun der Gemeng Péiteng virläit, an där e Konzept fir d'Ariichte vun enger Einban "sens unique" op engem Deel vun der Rue Joseph Philippart virgestallt gëtt.

Laut deene virleienden Informatioune war awer schonn een Deel vun der Rue Joseph Philippart – tëscht der Rue de la Fontaine an der Rue Amalberge a Richtung Zowaasch – tëscht 2017 an 2024 als Einban "sens unique" signaliséiert.

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes